Jaerling Aly
Volléksvertrieder
1 Otherstrooss
Postkëscht 269
L- 4003 Esch/Uelzecht

Esch-Uelzecht, den 3. am Ouschtermount 2007

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
- 3 AVR. 2007
Q 1676

Här
Lucien Weiler
President vun der
Deputéiertechâmber
19 um Krautmaart
Lëtzebuerg

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un den Här Finanzminister weider ze leeden:

En Bierger huet mer an engem Schreiwes eng Beanstandung zougestallt, déi ech mat deelen, am Zesummenhang mat sénger Usiicht no ongerechter Besteierung vun Bestueten, déi hire Partner verluer hun an Elléngerzéier mat Kanner.

Et ass jo awer esou, datt wann een sein Partner verléiert oder als Elléngerzéier mat Kanner elléng do steet, déi selwescht Chargen behällt, an demno näischt esou eng Erhéihung vun de fiskalen Oplagen rechtferdege kënnt.

Am Schreiwes vun dem Bierger woar folgend Tabell mat angebaut, aus der een effektiv eng erstaunlech Differenz, besonnesch bei de méi Klengverdénger, ka feststellen.

Personnes veuves en ménage unique				Monoparentaux avec 2 enfants à charge			
Rev. impos. Annuel €	Impôt dû		Relation entre 2 et 1a	Rev. impos. Annuel €	Impôt dû		Relation entre 2 et 1a
	avant en classe 2	après en classe 1a			avant en classe 2a	après en class 1a2	
32.700	1.452	3.630	**1:2,50**	37.500	450	3.654	**1:8,12**
50.000	4.960	10.204	1:2,06	50.000	3.160	8.404	1:2,66
75.000	13.170	19.784	1:1,50	75.000	11.370	17.984	1:1,58
100.000	22.347	28.881	1:1,29	100.000	16.956	23.490	1:1,38
125.000	32.170	38.704	**1:1,20**	125.000	30.370	36.904	**1:1,21**

Kann den Här Finanzminister mer duerfir dës Fro beäntwerten:

1) Waat sin, respektiv woaren d'Grënn, firwaat datt an der Steierreform vun 1991 esou krass Steiererhéihungen, fir Bestueter déi hire Partner verluer hun an Elléngerzéier mat Kanner, agefouert gouwen?

2) Waat sin d'Grënn, vun der Regressioun vum Steiersatz, déi een tëschend de méi Klengverdénger an Groussverdénger unhand vun der virgewisener Tabell ka feststellen?

3) Gedenkt d'Regierung dës Ongerechtegkeet am Kader vun enger Gesetzännerung ze behiewen?

Mat déiwem Respekt

Aly Jaerling
Deputéierten